

eiser Wirtschaft, an deem éischten Avis, ech géing elo soen, deem éischten, well deem ass nach e bësse rudimentaire, dee seet effektiv, dass de Mindestloun en Avis négatif op den Emploi hätt, ofgesi vun deene Jonken. Ofgesi vun deene Jonken, wat am Ausland iwwerall aneschtens ass, wou keng richteg Explicatioun do derbäi-komm ass, wou eng kéint sinn - ech kommen nach eng Kéier op dee Punkt zrëck -, dass déi Jonk ënner 25 Joer keen RMG kréien. Dat weess ech awer net, dat alles steet am Raum.

Ech mengen, och do soll een sech net elo op deenen éischten Diskussiounen do ausrouen, mä et soll ee weidergoen, ëmsou méi dass ech emol e Géigbeispill ginn, wat och de Statec ausgerechent huet.

De Statec, mengen ech, seet a senger leschter Note de conjoncture, dass am Horesca-Beräich, an do si mer an engem Beräich vum Mindestloun, den Emploi an d'Luucht gaangen ass, doduerch datt mer een neit Gesetz gemaach hunn an deem Haus, wou mer d'Aarbechtzäit eigentlech verkierzt hunn an doduerch jo och de Coût salarial erop gesat hunn. Dat heescht, heiansdo kritt een och de géigendeelegen Effet. Dat heescht, wann dat stëmmt wat de Statec seet, dann ass duerch d'Gesetz, wou mer d'40-Stonne-Woch mat vill Flexibilitéit, mä d'40-Stonne-Woch agefouert hunn, méi Emploi entstanden an net Emploi verschwonne. Also, et muss een dat ëmmer am Detail kucken. Duerfir soen ech, si mer och nach laang net fäerdeg fir dat doten ze analyséieren.

Deen drëtten Punkt, deem natierlech wichteg ass, deem ass e puermol hei ugeklongen, dat ass d'Relatioun zwëschen sozialem Mindestloun an Aarmut, sozialem Mindestloun an RMG. Ech mengen, datt déi Diskussioun richteg ass, mir sinn amgaangen se ze féieren, ech wëll just nuancéieren. Entgéint deem, wat den Här Jaerling virdru gesot huet, ass et net esou, dass een, deem de Mindestloun verdéngt an eng Fra an zwee Kanner huet, manner kritt wéi een, deem net schafft an eng Fra an zwee Kanner huet, well deem iwwert den RMG ee Complément kann ufroen, fir och op deem doten Niveau ze kommen. De Problem ass, dass dat ee ganz komplizéierte Wee ass, dass vill et net maachen an dass a ville Käpp vun de Leit...

M. Aly Jaerling (ADR).- Ech hunn dat net gesot, Här Minister.

M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.- Gutt, dann hunn ech lech falsch verstanen, mä den RMG ass schonn esou kalkuliert, dass déi doten Effeten net sollen Entstoen. Si entstinn awer an der Praxis, well dat eben och am Kapp vun de Leit net ëmmer esou funktionéiert a well dann heiansdo och, an esou Fäll begéine mer alt, Leit do sinn, déi soen, ma wuerfir soll ech elo nach fir do e bësselche méi Frange mech nach midd machen, wann dat anert och geet an ech ka mech hei an do ofmellen. Duerfir hu mer jo dauernd dat Gesetz och verbessert, och d'Kontroll verbessert a mir sinn nach amgaangen un deem ze schaffen.

Ech wëll just net, dass hei elo op eemol, well déi Fäll do sinn, géif eng Stëmmung entstoe fir ze soen elo muss den RMG ofgeschaaft ginn; mir musse just an d'Detailer goen. De Problem stellt sech virun allem bei deenen, déi Famillje-laaschten hunn, währenddeems bei de Jonggesellen sech dee Problem an deem Sënn net stellt. Den RMG ass zurzäit fir een, deem eleng ass, 943,78 Euro.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Minister, entschëllegt, därëf ech lech un d'Zäit erënneren, déi fir d'Regierung virgesi war!

M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.- Jo, wann Der mir se sot, dann halen ech mech och drun.

(Interruption)

Ech hunn nach keng rout Luucht.

(Interruption)

Ah, ech hunn eng rout Luucht, et ass gutt.

(Hilarité)

Do gesitt Der wéi séier, datt een eppes vergësst. Voilà, ech wäert da versichen op meng al Tugenden zrëckzekommen, déi ech hat wéi ech nach Minister vum Parlament war an ech wäert ganz séier hei, wann Der mir nach just zwou Minutte gitt, fäerdeg sinn.

Also, nach eng Kéier, den RMG fir eng Persoun ass 943,78 Euro, de Seuil de risque de pauvreté läit bei 1.248,72 Euro an den neie Mindestloun läit bei 1.466,77 Euro. Do besteet also kee Problem, dass den RMG géint de Mindestloun spillt. Bei anere Situatiounen kann dat awer de Fall sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nach ee Wuert, ier ech zur Konklusioun kommen. Ech gesinn awer absolut an, dass dat, wat den Här Calmes virdrun als Risiko hei ervirgehewen huet, nämlech dass duerch de Fait vun eisem héije Mindestloun an RMG zu Lëtzebuerg an dem niddrege Mindestloun an RMG am Ausland ronderëm eis, natierlech de Konkurrenzkampf zu Lëtzebuerg nach méi staark gëtt. Dat ass net auszeschlëssen, dat muss ee wëssen.

Ech kommen, Här President, Dir Dammen, Dir Hären, zur Konklusioun. Ech wëll éischstens soen, hei ass kee Wahlgeschenk gemaach ginn, well hei hu mer 2% opgehewen, net méi an net manner, virun allem och net méi, an dat ass dat, wat an deene leschten zwee Joer déi, déi um Mindestloun geschafft hunn, net kritt hunn, a wat all déi aner an der Moyenne kritt hunn; a vill hu jo nach vill méi kritt.

Zweetens, mir musse wëssen, dass mer een Héichlounland sinn a mir mussen och wëssen, dass mer een Héichlounland bleiwen. Dat heescht och, dass d'Produktivitéit an d'Plus-value wichteg sinn. Mir mussen dann och selbstverständlech wëssen, dass mer doduerch e Problem och kréie bei eisem Emploi vun deenen net Qualifizéierten, dass mer och ee Problem kréien am Chômage. Ech soen dat ëmmer erëm, dass dat eng vun deenen Ursaachen ass.

Ech soen op där anerer Säit, dass fir mech awer d'Solutioun dovunner net ka sinn, dass mer zum Beispill de Mindestloun halbéieren. Wa mir elo géifen de Mindestloun halbéieren, da kann ech lech garantéieren, dass Aarbechtsplazen entstinn. Da gitt Der erëm bei d'Tankstell an dann hutt Der een, deem lech d'Fënster botzt, elo botzt Der se selwer. An da gitt Der an d'Geschäfte an da stinn iwwerall bei de Regaler Leit, déi lech dat an de Grapp ginn.

Ech weess awer net, ob dat d'Zukunft vu Lëtzebuerg ka sinn, dass mer en Niddreglounland ginn an dass mer ganz vill onproduktiv Aarbechtsplaze schaffen. Wat wichteg ass, dat ass, dass mer jiddferengem, ob e vill Qualifikatiounen huet oder net, ob e produktiv ka schaffen oder net, mä dee Moment wou e wëllt schaffen, dass mer deem eng Chance ginn och eng sënnvoll Aarbecht ze maachen.

Dat bréngt mech dozou ze soen, éischstens dass mer sollen dat Gesetz vun de Beschäftigungsinitiativen fäerdeg maachen, soubal de Statsrot do ass, well mir brauchen an Zukunft Beschäftigungsinitiativen, just weinst deenen dote Leit.

Zweetens wëll ech och soen, dass mer net wéi am Ausland sollen dohinner goen a soen, du schaffts fir een Apel an ee Stéck Brout an du kriss Sozialhëllef, mä dass mer dat solle maachen, wat mer bei den

Handicapéierten, dat ass jo ugeklongen, schonn hei zu Lëtzebuerg gemaach hunn, mir gi keng Subvention au salarié, mir ginn eng Subvention à l'employeur. De Salarié, den Handicapéierte kritt ee Kontrakt mat sengem Employeur an e kritt de Mindestloun garantéiert. Den Employeur kritt eng Subventioun vum Stat, well en eben een hei astellt, dee manner produktiv ass. Et ass op dee Wee, wou mer och wëlle bei Beschäftigungsinitiative goen. Ech mengen, dat ass dee Wee iwwert deem een och Leit, déi manner produktiv sinn, kann hëllef, net nëmmen an de Beschäftigungsinitiativen, mä och um éischten Aarbechtsmaart. Dat sinn déi Diskussiounen, wou mer wëllen a solle weidergoen.

An dat bréngt mech zum drëtten Schluss, dat ass fir ze soen, dass mer de Mëtten ufänken och an der Tripartite iwwert d'Kompetitivitéit ze schwätzen. Ech mengen, do gëtt et ganz vill Méiglechkeeten, déi mer kënnen maachen, fir op déi Froen ze äntwerten, déi hei verschidden Deeler vum Patronat opgeworf hunn, ouni dass mer awer dat maachen, wat si gären hätten, nämlech de Mindestloun net ze adaptéieren. Duerfir sinn ech ganz frou, dass Der unanime elo wäert fir d'Adaptatioun vum Mindestloun stëmmen.

Här President, ech entschëllege mech fir déi dräi Minuten, déi ech ze laang geschwat hunn.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Et war ganz interessant, mä et war wierklech e bësselche laang.

(Interruptions et hilarité)

Ech wär frou, wa mer eis elo erëm géifen un d'Spillregelen halen, déi mer eis selwer ginn hunn.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5322 iwwert de Code des assurances sociales.

(Interruption)

Pardon, et ass nach net dee Projet, mir kommen elo zum Projet de loi iwwert d'Adaptatioun vun de Renten a Pensiounen, dat ass de Projet de loi 5401. D'Riedezäit ass och hei nom Modell eent festgeluecht, dat wëll ech rappeléieren, an ech denken och, datt d'Regierung dat esou gesäit. Et sinn ageschriwwen bis elo: den Här Meyers, den Här Bettendorf, den Här Bausch an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Lydia Mutsch. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

4. 5401 - Projet de loi portant ajustement des pensions et rentes accident au niveau de vie de 2003

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

Mme Lydia Mutsch (LSAP), rapportrice.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dem Gesetz no examinéiert d'Regierung all zwee Joer, ob et muss, soll oder net soll zu der Revisioun vum Facteur d'ajustement vun de Pensiounen an Onfallrente kommen. Dee leschten Ajustement war den 20. Dezember 2002, do goug et drëm fir ze kucken, ob eng Upassung un den Niveau de vie vun 2001 sollt oder misst kommen. Déi Fro ass mat Jo beäntwert ginn an den Effet vun deem Ajustement war dann och op den 1. Januar 2003.

Elo geet et also ëm eng Upassung vun de Pensiounen a vun den Onfallrenten un de Liewensniveau vun 2003, an zwar vum 1. Januar 2005 un. An deem Zesammenhang wëll

ech och nach eng Kéier rappeléieren, dass mer zënter dem Ajustement vun 1995 en Indicateur unique hunn an deem Indicateur unique ersetzt déi zwee Indicateuren, déi mer bis 1992 haten, fir respektiv d'Pensiounen an de Salaire social minimum ze adaptéieren.

Deen Indicateur unique, dee mer elo hunn, moosst also d'Progressioun vun de Salairë bis zu enger Erhéijung vu maximal dem Siwefache vum Salaire social minimum, an dobäi sinn och d'Revenuen iwwert d'Replacement an d'Gratificatiounen.

Elo huet et sech dann erausgestallt, dass d'Evolutioun vun de Salairen esou ass, dass se an enger Progressioun sinn, an zwar ëm 2% vun 2001 op 2003 hin. En conséquence gëtt dann de Facteur d'ajustement och vun 1,301 op 1,327 ugepasst, an zwar vum 1. Januar 2005 un.

De Coût vun deem Ajustement vun de Pensiounen wäert sech eleng fir den Exercice 2005 op 41 Milliounen Euro belafen, dat ass ee Coût supplémentaire, dee vun der Assurance pension gedroe gëtt. De Coût fir den Ajustement vun den Onfallrente beleeft sech op 2,9 Milliounen Euro. Hei ass, esou wéi et virgesinn ass am Artikel 100, Ali-néa 6 vum Code des Assurances sociales, een Drëttel à charge vum Stat an ass zwee Drëttel à charge vun der Association d'assurance. Ausserdeem hält de Stat en charge, iwwert de Fonds d'orientation agricole, zwee Drëttel vun deem wat bleift beim Ajustement vun den Onfallrente vun der Section agricole. An d'Charge fir d'Association d'assurance beleeft sech dann nach op 1,9 Milliounen Euro, déi vum Stat op 1 Millioun Euro.

Den 8. Januar 1996 gouf et e Gesetz wou modifizéiert a kompletéiert ginn ass ënner anerem d'Gesetz vum 22. Juni 1963 iwwert de Régime vun den Traitementen vun de Fonctionnaire vum Stat, esou dass den Ajustement vun de Pensiounen a vun de Rente sech och applizéiert op d'Fonctionnaire vum Stat.

Ech résuméieren dann nach eng Kéier: Opgrond vun der Augmentatioun vun de Salairen ëm 2% tëscht 2001 an 2003 gëtt de Facteur d'ajustement, deem de Rapport tëscht Salaire moyen vun 2003 an 1984 representéiert, ugehewen op 1,327%. Am Moment ass dese Faktor 1,301%, ech mengen dat géif deck duergoen. An en vertu vun deem Artikel 100 vum Code des assurances sociales, deem ech scho genannt hunn, applizéiert sech deeselwechte Faktor och op den Ajustement vun den Onfallrenten.

Zu deem Moment wou d'Kommissioun hire Rapport gemaach huet, hate mer den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, well, wéi mer wëssen, dat Ajustementsgesetz ëmmer ganz kuerzfristeg an d'Chamber komme muss, esou dass déi aner weinst deem kuerzen Délai net d'Méiglechkeet hatten, hiren Avis ofzeginn. E wier awer positiv gewiescht, wa mer e kritt hätten. Datselwecht göllt och fir den Avis vum Statsrot vum 7. Dezember 2004, also ganz rezent, deem och keng Observatiounen huet an deem dofir säin Accord gëtt, an datselwecht wëll ech fir meng Fraktioun maachen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Mutsch. Als éischte Riedner ass agedroen den honorabelen Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Paul-Henri Meyers (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll der Rapportrice vun deem Projet, der Madame Mutsch, villmoos Merci soe fir hire mëndlechen a schrëftlechen Rapport, déi ausféierlech Be-

schreiwung vun dem Ajustement an der Motivatioun och vun deem Gesetz a vun dem Ajustement am schrëftlechen a mëndlechen Rapport. Ech erlabé mir dann och, méi kuerz ze sinn a menger Interventioun a mech un déi Riedezäit ze halen, déi ech hei virgeschriwwen kréien, ouni dass ech vum President muss e Rüffel astiechen.

M. le Président.- Oh, Här Meyers, Dir hutt sou vill Riedezäit. 34 Minutte stinn lech zur Verfügung. Dir sidd fir 15 ageschriwwen, also Dir kënnt lech roueg Zäit loossen.

M. Paul-Henri Meyers (CSV).- Merci, Här President. Da kann ech also méi lues schwätzen.

(Hilarité)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Ajustement vun de Renten a Pensiounen baséiert op dem Artikel 225 vum Code des assurances sociales, deem der Regierung virschreift, all zwee Joer eng Etüd ze maachen iwwert d'Entwécklung vun de Léin a Gehälter an deem der Regierung imposéiert, der Chamber doriwwer e Rapport ze maachen, a wann dat eng positiv Entwécklung ass, fir der Chamber dann och e Gesetzesprojet virzeleeën.

D'Pensiounen an d'Rente ginn also iwwert d'Indexupassung eraus, all zwee Joer wa méiglech a wann d'Lounentwécklung dat ausweist, un déi allgemeng Entwécklung vun de Léin a Gehälter ugepasst, an et gëtt en neie Facteur d'ajustement am Gesetz ageschriwwen. Wa mer deem Artikel liesen, stelle mer eigentlech fest, dass et dräi Punkte ginn, déi och missten an deem Rapport an och an den Diskussiounen vun der Chamber zrëckbehalen an analyséiert ginn.

En éischte Punkt ass deem, dass den Ajustement festgesat gëtt duerch Gesetz. Et ass keen Automatissem. D'Upassung vun de Pensiounen, den Ajustement geschitt net iwwer e Règlement grand-ducal oder iwwer eng einfach Décision administrative. De Gesetzgeber war schonn ëmmer der Meenung, dass dat esou eng wichtig Décision war, dass se an d'Chamber gehéiert an dass hei iwwert déi do Mesure soll diskutéiert ginn, zesummen och mat der Erhéijung vum Mindestloun.

Dat kann een och erklären aus de Konsequenzen, déi sech aus dem Ajustement erginn, well den Ajustement bréngt fir d'Pensiounskeesen an och fir de Stat zousätzlech Käsche mat sech, a mir wësse jo opgrond vum Artikel 99 vun der Verfassung, dass all zousätzlech Käschen...

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Entschëllegt, ech wollt rappeléieren, datt et net Usus ass, hei am Plenum Fraktiounssitzungen ofzehalen. Ech géing lech bieten, dem Här Meyers nozelauschteren.

Une voix.- Ech ginn lech Recht.

M. Paul-Henri Meyers (CSV).- ...dass opgrond vum Artikel 99 vun der Verfassung fir all Dépenses, déi op de Budget vum Stat zoukommen, dat ass hei de Fall fir d'Upassung vun de Pensiounen beim Stat, muss e Gesetz gemaach ginn. Derniewent muss een och soen, dass et hei eng wichteg Kontrollfunktoun vun der Chamber ass, fir och ze gesinn, dass déi Mesuren, déi d'Regierung proposéiert, och am Sënn vun der bestehender Gesetzgebung sinn. D'Chamber erfüllt also hei eng vun de wichtige Funktiounen, déi hir opgrond vun der Verfassung zoustinn.

Een zweete Punkt, deem den Artikel 225 virgesäit, dat ass deem, dass den Ajustement geschitt opgrond vun der Lounentwécklung, der Entwécklung also vun de Léin a

vun de Gehälter. Fir déi déi profitéiere vun dem Ajustement ass et kee Cadeau, mä et ass e Recht wat se hunn, an et ass op där anerer Sait d'Solidaritéit déi spillt tëschent deenen, déi schaffen an déi méi verdéngen oder méi verdéngt hunn an de leschte Joren an deenen, déi a Pensiouen sinn. Och déi, déi a Pensiouen sinn, sollen also vum Wuesstem vum Räichtum kënnen profitéieren.

Den Ajustement geschitt no enger Methodologie, déi an den 90er Jore festgeluecht ginn ass an déi an der Vergaangenheet bis Mëtt vun den 90er Joren ëmmer ermë zu Diskussiounen geféiert huet, well se als net korrekt ëmfonnt ginn ass. Zënter 1995 ass déi Methodologie esou, dass se weder bei de Sozialpartner nach bei den Avisen, déi mer och kréie vum Conseil d'État - fréier hu mer och nach Avisë vun de Pensiouskeese kritt, déi jo och ëmmer déi Methodologie beanstant hunn, haut hu mer déi Avisen net, mä déi Methodologie féiert awer net zu gréisseren Diskussiounen, si gëtt also als eng gerecht Method ugesinn.

Déi Method, wéi se elo virläit, huet dann och dozou geféiert, an déi Calculen hunn dat bewisen, dass eng Erhéijung vun 2% ubruecht ass, dass also an deene Joren 2002 an 2003 d'Lounentwécklung ëm 2% geleeën huet. Et gëtt hei mat der Erhéijung vun de Pensiounen a Rente gläichzäitig och d'Erhéijung vum Mindestloun diskutéiert. An déi, déi am Sozialsecteur Beschued wëssen, wëssen och genee, dass d'Entwécklung vum Mindestloun, d'Entwécklung vun de Renten a Pensioune ganz enk matenee verbonne sinn, an dass een net dat eent kann diskutéieren ouni op dat anert och anzegoen, an dofir ass et och gutt, dass déi zwee Gesetzzer regelméisseg zesummen diskutéiert ginn an dass déi Upassung och regelméisseg geschitt. Et kënn een déi zwee net vuneneen trennen, ouni dass dat zu Distorsiounen am Sozialsecteur géif féieren.

Ech wëll dann och hei drop hiweisen, dass den Ajustement sech souwuel op d'Pensioune vun dem öffentleche wéi dem Privatsecteur beziit, mä och op eng ganz Rei aner Prestatiounen, déi awer och an de leschte Jore geschafe si ginn, notament déi sou genannt Allocation de fin d'année an och de Forfait d'éducation. Dat heescht, et ass ausdrécklech am Gesetz virgesinn, dass d'Mammerent ugepasst gëtt no der Entwécklung vum Ajustement vun de Pensiounen am Privatsecteur.

Een drëtter Punkt, deen am Gesetz ernennt ass an dee muss berücksichtegt ginn am Rapport vun der Regierung, ass dee fir d'Ressource vun de Pensiouskeesen ze analyséieren an ze kucken, ob déi Ressourcen den Ajustement erméiglechen. Dat ass am Rapport vun der Regierung geschitt, et ass och geschitt am Rapport vun der Chamber. Déi zousätzlech Ausgaben, déi op d'Pensiouskeesen zoukommen, belafe sech järelech beim jëtzen Index op ronn 41 Milliounen Euro. Mir kréien awer gesot, dass zousätzlech Einnahme vun de Pensiouskeese fir 2005 ëm 600 Milliounen berechent sinn, esou dass den Ajustement vun 41 Milliounen mat deenen zousätzleche Recetten och ka gedeckt ginn.

Ech wëll awer och hei drop hiweisen, dass et net nëmmen duergeet fir ee Joer ze kucken. Et muss een och kucken, wéi déi allgemeng Reserve vun de Pensiouskeese sech entwéckelt hunn, an do stelle mer fest, dass déi Reserven, déi am Joer 2002 5,17 Milliarde waren, am Joer 2003 op 5,66 Milliarden eropgaange sinn, an dass se am Joer 2004, wahrscheinlech um Enn vum Joer, sech op 6,2 Milliarde belafe wäerten.

Dat sinn héich Chifferen, mä wann een awer gesäit, wat fir Pensiouen all Joer bezuelt ginn, da stellt Dir fest, dass dat hei eppes ronn dräimol déi järelech Prestatiounen vun

de Pensiouskeesen ausmécht, dass et also eng Reserv ass déi noutwendeg ass, fir och an Zukunft d'Sécherheet vun de Pensiounen ze garantéieren an dass een net mat deene Reserven do ka spillen, dass dat Reserve sinn, déi also och deene gehéieren, déi an d'Pensiouskeesen abezuelt hunn.

Et wär wichteg gewiescht, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer d'Avisë gehat hätte vun de Berufs-chamberen, esouwuel déi vum Salarat wéi och déi vum Patronat, well dat hei Gesetz, esou wéi och dat vun der Erhéijung vum Mindestloun betreffen un éischer Stell d'Sozialpartner. An dofir wier et wichteg gewiescht, wa mer och gewusst hätte wat dann d'Berufschamberen zu deene Mesuren hei ze soe gehat hätten. Mir bedauern dat, mir bedauern dat esouwuel beim Mindestloun, mä mir bedauern dat och beim Ajustement.

Et ass just eng Berufschamber, déi en Avis eraginn huet. Dat ass déi vun der öffentlecher Funktioun, déi och mat deenen heite Mesurë selbstverständlech d'accord ass.

Ech wëllt dann zum Schluss, ier ech den Accord brénge vu menger Fraktioun zu deem heite Gesetzesprojet, awer dem Minister eng Fro stellen. Wann den Här Kaes de Minister net géif dérangéieren, kënn en och déi Fro héieren, well sie schéngt mer menger Meenung no wichteg ze sinn. Den Ajustement, Här Minister, trëtt a Kraaft vum 1. Januar un. Mir stëmmen elo dat Gesetz a mir wëssen, dass d'Pensiounen an d'Renten am Virfeld schonn Enn Dezember solle bezuelt ginn. An dofir wollt ech d'Regierung froen, ob d'Regierung, déi am November de Projet hei ageereecht huet, och all Dispositiounen getraff huet, fir dass d'Leit scho vum 1. Januar un d'Erhéijung vum Ajustement kënnen kréien, oder muss de Recalcul an der Pensiou vum Februar oder vum Mäerz gemaach ginn?

An der Vergaangenheet war et esou, dass déi jeeweileg Regierung meeschtens déi Mesure getraff hunn, an et wier och gutt wann de Minister eis op déi do Fro haut kënn eng Äntwert ginn.

Merci, dass Der mer nogelauschtert hutt.

M. le Président. - Merci, Här Meyers. Dann ass et um Här Niki Bettendorf. Här Bettendorf, Dir hutt d'Wuert.

M. Niki Bettendorf (DP). - Här President, Dir Dammen an dir Hären, fir eis als Demokratesch Partei war an ass et nach ëmmer noutwendeg fir d'Rentenempfänger un der allgemenger Lounentwécklung deelhuelen ze loosseren an ze kucken, dass hir Kafkraaft erhale bleift. Mir därefen net vergiesse, dass et just d'Rentner sinn, déi vill zu deem Wuelfstand bäigedroen hunn, dee mir haut zu Lëtzebuerg kennen.

Et ass sécher awer gutt ze rappeléieren, a mä Vierriedner, den Här Paul-Henri Meyers huet et scho gesot, dass et ëmmer eng politesch Décisioun ass fir den Ajustement ze proposéieren an dass et keen Automatismus ass, dass muss hei e Gesetz gestëmmt ginn. Et ass dofir och ze begrëssen, dass et hei an der Chamber, mengen ech mindestens, e grouse Konsens gëtt fir den Ajustement, an dass net hei vu Rentemauer geschwat gëtt.

Ënnert der viregter Regierung kum et zu zwee Ajustementer. Den 1.1.2001 ëm 3,1%, an den 1.1.2003 ëm 3,5%. Wa mer nach d'Resultat vum Rentendesch dobäiziele, da kënn esou en normale Pensionär wéi deen, deen hei virun lech steet, a bei der viregter Regierung, ëm eng Augmentatioun vu plus/minus 16% a senger Pensiouen, den Index net mat agerechent.

Mir bleiwen dofir houfreg op déi Aarbecht vum Kollege Carlo Wagner, och wann eise Premier op dem Kongress vun der CSV e Sonndeg

op seng Pressebriefingen agaan ass a gemengt huet, seng Briefinge kënnent dach net schold sinn, dass seng Koalitionspartei bei de Wahle schlecht ofgeschnitten hätt. Dat ass, Här President, e bësse staark schänhelleg, wann een nämlech e Partner huet, deen eng gutt Aarbecht mécht, da fällt engem keen Zack aus der Kroun och sai Partner eng kéier ze luewen.

Awer just bei de Renten huet eise Premier et net verdroen, dass net no senger Päif gedantz gouf. Hie wëllt eben d'Recht behale mat senger Rentemauer. Mä wann d'Suen do bleiwe wou se sinn a fir d'Rente gesuergt a gutt ugeluecht bleiwen, dann hu mer an den nächsten 20, 25, 30 Joer kee Problem mat eise Renten.

Här President, muss ech drun erënneren, dass d'Zentralbank, fir dëst dach esou schlecht Joer 2004, elo no de Wahlen e Wuessstum vun iwwer 4,1% fir eist Land virausgesäit. An engem schlechte Joer erreeche mer also dee Prozentsaz, dee mer brauche fir eis Pensiounen ofzesécheren; virausgesat nach eng kéier, dass d'Suen och nëmme just dofir gebraucht gi fir wat se gespuert gi sinn.

Här President, dës Upassung vun de Pensioune kascht d'Pensiouskeesen 41 Milliounen Euro. Si kascht d'Association assurances-accidents 2,9 Milliounen, wouvun de Stat allerdéngs eng Millioun iwwerhëlt. D'Verwaltung vum Statspersonal muss dann och nach 7 Milliounen Euro méi u pensionéiert Fonctionnaire bezuelen.

Ech hat am Ufank eng Fro, déi awer scho vu mengem Virriedner, dem Paul-Henri Meyers, beäntwert ginn ass. Am Artikel 3 vun der Mammerent steet: «Le forfait d'éducation est ajusté au niveau de vie», also un den Index ugebonden, an «ajusté au niveau de vie d'après les dispositions des articles 224 et 225 du Code des assurances sociales.»

Dat heescht also, dass mer net d'äerfe vergiesse, wann een de Facteur d'ajustement héicht, dass och de Forfait d'éducation, d'Mammerent eropgeet, ass si dach och dann un d'Entwécklung vun de Léin gekoppelt.

Mir wëssen dass d'Mammerent de Fonds de solidarité vum Familjeminstère 2003 85 Milliounen Euro kascht huet. Dat heescht, dass den Ajustement, dee mir haut stëmmen, eng Méibelaachtung vu mindestens 1,7 Milliounen Euro fir de Solidaritätsfong wäert mat sech bréngen. Géife mer elo d'Mammerent iwwert d'Pensiouskeese finanzéieren, wéi de Premier dat wënscht, géif jiddfer Ajustement natierlech nach méi op d'Keesen drécken, woubäi ee sech jo muss verhalen, dass de Forfait d'éducation net duerch d'Contributiounen vun den Empfänger bezuelt gëtt.

Nujee, de Premier huet eis op hirem Kongress gesot, dass hien eis géif nom 10. Juli soe wéi et géif mat der Mammerent viru goen. Mir waarden dorop mat Spannung, a mir wäerten och kucke wat d'LSAP zu deem Problem ze soen huet.

Här President, dës Verbesserung ka vun der Assurance pension gedroe ginn, well d'Recetten an de Pensiouskeesen d'Dépenses Enn 2003 ëm 485,7 Milliounen iwwersteigen an ons Kompensationsreserv fir d'Pensioune séch zur Zäit op iwwer 6 Milliarde beleeft. Wann ech déi Chifferen kucken, déi elo bekannt sinn, dann hu mer fir 2004 6,35 Milliounen Euro Reserven an d'Reserve wäerten 2005 6,574 Milliarden Euro bedroen. Dat ass an deem Joer 2005, wat kënn, eng Augmentatioun vu 538 Milliounen Euro.

Wann ech kucke wat d'Ausgaben an de Pensiounen ausmaachen, mir bezuelen 2004 1,967 Milliarden Euro, a mir bezuelen d'nächst Joer ongeféier 2,074 Milliarden Euro, dat heescht, dat geet erop op 106,990 Milliounen Euro géint enger Steigerung vun de Reserve vu 538 Milliounen Euro. Eleng un deene Chifferen gesäit een, dass eis Situatioun nach ëmmer gesond ass, wa mer gesinn, dass eisen Niveau relativ vun der Reserv, deen 1991 louch bei 2,35-mol dat, wat mer pro Joer gebrauchen, Enn 2005 wäert stoe bei 3,17-mol dat, wat mer pro Joer brauchen. Et ass also e ganz zolitte Fong, eng ganz zolidd Reserv, déi mer do virleien hunn.

Dann, Här President, dës Verbesserung ka vun der Assurance pension, déi mer hei virgesinn, also doudsécher gedroe ginn, well d'Recetten an de Pensiouskeesen, d'Dépenses Enn 2003 ebe 485,7 Milliounen Euro iwwersteigen, an eis Kompensationsreserv - ech mengen, ech hunn dat scho gesot - iwwer 6 Milliarde bedréit.

De viregte Sozialminister huet dofir gesuergt, fir de Rendement vun der Kompensationsreserv ze verbessern, an ech wär frau, an ech mengen, ech kéint et och sinn, dass déi nei Regierung festgehalten huet fir op deem Wee och weiterzegoen. Iwwerhaupt schreift sech villen am Regierungsprogramm an d'Kontinuitéit vun deem an, wat déi viregt d'Regierung gelescht huet, och virun allem am Kader vun der Sécurité sociale a vun der Santé.

Wann een op dës zolidd Viraarbecht ka bauen, da kann een... Ech si lo frau, dass den Har Minister „Jo“ gewénkt huet, dass déi gutt Viraarbecht gemaach ginn ass, awer ech hunn da Schwierigkeiten ze verstoen, firwat dass en op sengem Kongress am Süde gesot huet, en hätt an der Santé an an der Sécurité sociale e grouse Schlamassel virfonnt.

Ech muss lech soen, Här Minister, vun Ärem Virgänger ass eng excellent Aarbecht gelescht ginn, an Dir kënn op eppes opbauen, wat do läit. Dir hutt also guer keng Ursache fir vu Schlamassel ze schwätzen; mä, Här President, mir kennen eisen neie Gesondheitsminister, en huet ëmmer e bëssen de Mond voll. Elo als Minister päift him méi e raue Wand ronderëm d'Oueren, an e muss sech wahrscheinlech och an der Zukunft nach méi wéi eng kéier ganz waarm undoen, zumools wann de raue Wand vu sengen eegene Genosse kënn.

Et schéngt och esou ze sinn, dass den Här Mars Di Bartolomeo all Erënnerungen un d'Zäit vu virun 1999 verluer huet. Déi Zäit, wou sozialistesche Ministeren duerch Skandalen a Skandalecher e richtege Schlamassel hannerlooss hunn an och hu missen hiren Hutt huelen. Dat war mat der Demokratescher Partei, Här Minister, net de Fall.

Här President, ech wëll dem Gesondheits- a Sécurité-sociales-Minister soen, dass mir als Demokratesch Partei wäerten dofir suergen, dass d'Geschicht net falsch geschriwwen gëtt.

(Mme Anne Brasseur prend la Présidence)

Mir als Demokratesch Partei sinn der Meenung, dass dësen Ajustement justifiéiert ass, an dofir brénge mir dësem Gesetzesprojet och eis Zoustëmmung an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Mme le Président. - Merci, Här Bettendorf. Ier ech dem nächsten Orateur, dem honorablen Här Bausch, d'Wuert ginn, géing ech lech proposéieren, dass d'Chamber deen hei Projet fäerdeg mécht, den Här Bausch ass nach agedroen an den Här Jaerling, ier d'Regierung da géng Stellung huelen, an da géinge mer fir de Muere mat den Debatten ophalen an de Mëtteg um dräi Auer ermë virufueren.

Ass d'Chamber domat d'accord?

(Assentiment)

Domat géing ech dann dem Här Bausch d'Wuert ginn.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Merci, Madame Présidente, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll op den eigentlechen Thema vun haut, den Ajustement an de ganze Mechanismus, deen dozou féiert, dass d'Renten an d'Pensiounen ajustéiert ginn, net méi vill agoen. Dat ass zu Genüge erkläert ginn, sougutt vun der Rapportrice wéi fir dat, wat geféelt huet, vum Här Meyers, deen dat nach eng kéier nogeholl huet. A vu dass eis näischt trennt vun deenen Aussoen, déi do gemaach ginn, mengen ech, dass et net vill Sënn mécht, nach eng kéier dat alles ze widderhuelen. Ech wëll just kuerz schwätzen. Ech kéint et méi laang maachen, dat maachen ech awer haut net, well ech dat beim Ajustement virun zwee Joer gemaach hat, a vu dass ech souwéi sou iwwerzeegt sinn, dass mer déi Diskussioun an dëser Legislaturperiode nach méi séier kréien, wéi et eis vläicht léif ass. Ech wëll awer kuerz zwou, dräi Saachen an deem heite Kontext opwerfen.

Et ass hei gesot gi schonn, dass éischters de gesamte Finanzement vun eise Renten ofhängeg wär vun där magescher Zuel do vu 4% Wuesstum vun eise PIB. Ech wëll dat e bësse relativéieren an drop hiweisen, dass dat nëmmen d'Halschent vun der Wourecht ass, well mir kënnen e Wuesstum hu vu 4% vum PIB, mä wa mer net gläichzäitig deen nämlechte Wuesstum hu vum Emploi, wéi mer en haten an deene leschten zéng, 15 Joer, dann notzt eis dat fir de Rentesystem rose weéne, well mir wësse jo alleguerten - an dat ass de sprangende Punkt an der Diskussioun hei zu Lëtzebuerg -, dass mer hei am Land zieren u Reserven, déi mer opbauen duerch de Fait, dass den Emploi bestänneg souguer a konjunktorell schwaachen Zäite massiv wiisst. A wann ech soen, dass den Emploi massiv wiisst, dann ass domat natierlech kloer, dass domat och d'Cotisationsmass wiisst an dat féiert dozou, dass mer déi Reserven do hunn, well dat hei sech gréisstendeels ëm Cotatiounen handelt, ëm Gelder handelt, déi haut an d'Keese fléissen, wou awer keng Leeschtungen ausbezuelen ginn, an déi Leeschtungen iergendwann eng kéier an 20 oder 30 Joer wäerten ausbezuelen ginn.

Donc ass et net ganz richtig, wann ee seet, eise System ass ofgesécher, wa mir e Wuesstum vum PIB vu 4% hunn. Dat ass dat Eent. Dat Zweet ass, mir wëssen - an dat huet spéitstens och am Kader vun dësen Budgetsdebatten de Rapporteur vum Budget jo festgestallt -, dass mer lues awer sécher e Problem hei am Land kréien. Nämlech e Problem doduerch kréien, dass mer net nëmmen déi Leeschtungen elo ufänke mussen ausbezuelen, déi duerch déi massiv Croissance vum Emploi, déi mer zënter haaptsächlech ufanks den 90er Joren hei am Land opgebaut hunn, entstinn, mä dass déi Leeschtungen ëmmer méi exportéiert ginn, dat heescht mir hunn haut schonn - dat kann een am Budgetrapport vum Här Mosar noliessen - 10% vun de Renteleeschtungen, déi mer an d'Ausland iwwerweisen. Dat heescht, mir musse wëssen, dass dat och Konsequenzen huet fir d'national Economie an och fir d'Statsfinanzen.

Dofir, dee Modell, dee mer hei am Land hunn, wat e Modell ass, dee mir als Gréng begrëssen, nämlech dass mer deen Een-Drëttel-Een-Drëttel-Een-Drëttel-Modell hunn - een Drëttel, deen d'Salariëe bäidroen zu der Finanzéierung, een Drëttel d'Betribler selwer an een Drëttel de Stat -, ass sécherlech e gudd Modell, mä deen huet eng ganz Rei Onsécherheetsfacturen. En huet eng ganz Rei Onsécherheetsfacturen virun allem op zwee

Niveauen. En huet een um Niveau vun engersäits natierlech deem Deel, deen zum Betrib gehéiert, dat heescht déi zwee Drëttel, déi d'Salariëen an d'Betrib bezuelen.

En huet awer och een um Niveau vum Stat, well deen Drëttel Fiskaliséierung, dee mer bei der Sécurité sociale a bei de Pensiounskeesen hei am Land hunn, deen ass natierlech esou laang ofgeséchert, wéi d'Gesamtstatsfinanze sou si wéi se déi lescht 15 Joer waren. Mä wann d'Statsfinanzen - an do gëtt et awer éischt Indikatioune spéitstens no dësem Budget - sech an eng aner Richtung entwéckelen, da wäert dat net méi sou einfach ginn.

Dofir musse mir eis d'Fro stellen iwwert déi laangfristeg finanziell Of-sécherung vun eisem Rentesytem. Mir als Gréng hunn dat um Rentendësch gesot. Mir hätte gär gehat, wann niewent deene ville Verbesserungen, déi do virgeholl gi sinn, och emol virranged do diskutéiert gi wier iwwert déi BIT-Studie. Et ass net alles richteg an där Etüd, oder mir deelen net alles - loosse mer et esou soen -, wat an där Etüd steet, mä et sinn awer eng Rei Saachen do beschriwwen ginn, déi awer ze bedenke ginn a wou ee muss kucken och an deenen nächste Joren, wéi een déi Schwieeregkeeten diskutéiert an och Léisungen dofir fënnt.

Déi ganz laangfristeg finanziell Of-sécherung vun eise Renten - dovunner si mir als Gréng der fester Iwwerzeegung - ass alles anescht wéi ofgeséchert, och wann dat Bild, wat mer de Moment virfannen, e Bild ass, wou grouss Reserven do sinn, wat eis driwwer ewechtäuscht, dass d'Schwieeregkeeten eréischt an 20 oder 30 Joer riskéieren ze kommen.

Bon, ech mengen, ech wëll net méi an den Detailer haut dorop agoen. Fir déi, déi dat wëllen, erënneren ech, dass ech virun zwee Joer hei eng hallef Stonn nëmmen iwwert dee Sujet geschwat hunn. Mir wäerte wéi gesot genuch Geleeënheet kréie fir nach iwwert deen do Sujet ze schwätzen an deenen nächste véier Joer. Do sinn ech sécher. Mä ech mengen, dass et awer ëmmer erëm wichteg ass, zumindest bei aller Euphorie, déi ëmmer virherrscht, wa mer haut de Knäppchen drécken an de „Oui“ hei drécken, fir deen Ajustement, dee mer virhuelen, datt déi Schwieeregkeete sech awer am System selwer hannendru verstoppen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

Mme le Président. - Merci, Här Bausch. Da ginn ech deem leschten Orateur vun haut de Moi- en d'Wuert, dem Här Jaerling. Här Jaerling!

M. Aly Jaerling (ADR). - Merci, Madame President. Félicitatioun un d'Madame Rapportrice fir hire kuerze mä ausféierleche Rapport.

Ech wëll lech net verheemlechen, dass d'Opbesserung vun de Rente fir den ADR ëmmer eng besonnesch Satisfaktioun ass, och wa mer bei där heiteger elo net direkt implizéiert sinn als ADR, well et eng normal an noutwendeg Upassung un d'Deierecht ass. Ze hoffen ass nëmmen, dass dës Kéier dee richtigen informatésche Knäppche gedréckt gëtt, fir dass d'Rentner déi Upassung och direkt kréien, an net, wéi dat de Fall war am Wäimount, wou d'Donnéen an engem Internetkabel an de Stau gerode sinn.

Madame President, et si Leit déi mengen, den ADR hätt seng Aarbecht a Saache Rente gemaach an hätt keng Existenzberechtigung méi. Deem ass awer net esou...

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG). - Ouh?!

M. Aly Jaerling (ADR). - ..., well et bleift nach viles ze maachen. Här Huss, wann Der elo e

bëssen nolauschtert, da gitt Der gewuer wat.

Besonnesch wann et heescht ze verhënnere, zum Beispill, dass déi Rentereserven, déi geschafe gi sinn, an dank deene mer och déi heiteg Upassung kënnen duerchzéien, net zum Selfservice vun der Regierung ginn. Eleng schonn dofir ass dem ADR seng Presenz nach gradsou wichteg wéi virdrun. Ech wëll lech nach eemol hei drun erënneren...

(Interruptions)

Bon, Här Fayot, wie mécht et da soss? Ech erwaarden dat jo awer net vun lech, gell?!

(Interruptions diverses et hilarité)

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG). - Firwat musst Der dann Är Existenzberechtigung ëmmer esou betounen?

M. Aly Jaerling (ADR). - Ech erklären lech dat elo, Här Huss.

(Hilarité)

Ech wëll lech och nach eemol drun erënnere wat dank dem ADR säit deene leschte 15 Joer alles am Renteberäich erreecht ginn ass.

(Interruptions diverses)

Ah, Dir hat gemengt ech wär scho fäerdeg?

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG). - Da fänkt éischter un, Här Jaerling.

M. Aly Jaerling (ADR). - Ech wëll lech dat erklären, fir dass Der iwwert déi Chrëschtdeeg kënnt an lech eragoen an Är Meenung iwwert dem ADR seng Presenz vläicht e bëssen änneren.

(Hilarité)

Mme Lydie Err (LSAP). - Dat ass schwéier.

M. Aly Jaerling (ADR). - Den 28. am Lenz 1987, lauschtert gutt no, Madame Err, den 28. am Lenz 1987 ass et schonn ugaange wéi mer déi éischt Aktioun gemaach hunn a puncto Renten, a wann Der lech gutt kënnt erënneren, da war et e sozialistesche Minister deen deemools gesot huet: „Et gëtt net méi wéi 3,8%.“ A wéi mer eng Manifestatioun ugekënnegt hunn, dunn op eemol ware mer schlussendlech op 7%. Eleng schonn dat ass de Beweis...

M. John Castegnaro (LSAP). - Dat war eleng den NGL!

M. Aly Jaerling (ADR). - Den NGL war just present fir dat ze ënerstëtzen. Et waren natierlech awer Leit...

(Hilarité)

M. John Castegnaro (LSAP). - Et waren der e puer méi um Wierk, Kolleg Jaerling, et waren der e puer méi um Wierk!

M. Aly Jaerling (ADR). - Här Castegnaro, erlaabt mer, dass ech léiwer net doriwwer schwätzen, well dat wär hei ze geféierlech.

Mä op jidde Fall ass do de Grondstee geluecht gi fir dass déi 7%eg Erhéijung vun de Renten, déi deemools versprach ginn ass, an déi nëmmen als Virschoss am Gesetz vum 27. am Heemount 1987 ageschriwwen gouf, dank dem Drock vum ADR am Gesetz vum 24. am Ouschtermount 1991 definitiv geschëllt bliwwen ass. A mat deemselwechte Gesetz goufen d'Renten dann nach eemol ëm 10% erhéicht, op eng Fuerderung vum ADR an op den Drock vum ADR hin.

An d'Witwerente goufe vu 66 2/3% op 75% erhéicht, an de Referenzbetrag vun den Antikumulbestëmmunge gouf vun 1,3 op 1,5-mol de Mindestloun erhéicht. Ass dat dann näischt? Den 8. am Haartmount 1996 gouf d'Péréquation ofgeschaaft an domadder en éischte Schrëtt zur Gläichstellung vun deenen zwee Regimer agefouert.

Den 3. am Karschnatz 1998 ass fir all déi Beamten aus der Fonction publique, déi nom 1. am Haartmount 1999 agestallt gi sinn, déi gläich Berechnungsbasis wéi am kontributive System agefouert ginn. Déi bleiwe jo och elo am kontributive System.

Une voix. - Waart Der am Heemount an d'Vakanz?

(Hilarité)

M. Aly Jaerling (ADR). - Am Respekt vun der Erzéiungs- an Hausfraenaarbecht sinn d'Erzéiungsjoren och op d'Pensiounerecht ginn, déi virum 1. am Haartmount 1998 accordéiert goufen, an den 8. am Broochmount 2002, dat ass dat wat Der mengt, kruten d'Zousazpensiounen, op Fuerderung vum ADR, eng gesetzlech Basis.

Der Fuerderung vum ADR, dass endlech muss Schluss si mat der Almosepolitik, ass am Gesetz vum 28. am Broochmount 2002 duerch eng 3,8%eg linear Erhéijung vun de Renten an eng 11%eg Erhéijung vun der Grondrent deelweis Rechnung gedroe ginn.

M. John Castegnaro (LSAP). - Här Jaerling, um Rentendësch waart Dir net, den ADR war am Abseits, an e war frou a glécklech wéi en huet dierfen den Accord final ënnerschreien.

M. Aly Jaerling (ADR). - Ech wëll lech soen, dass mir um Rentendësch deelgeholl hunn, awer net mat mengem Accord, dat kann ech lech soen.

M. John Castegnaro (LSAP). - Passiv, passiv deelgeholl! Dir hat net vill do ze radetten!

M. Aly Jaerling (ADR). - Dat dierft Der mir net soen! Da kënnt Der jo nëmme frou sinn, dass ech net do war.

(Hilarité)

D'Mindestrent ass op jidde Fall mat deemselwechte Gesetz un de Mindestloun ugepasst ginn. Domat gouf erëm eng Fuerderung vum ADR deelweis erfëllt, well den ADR eng Upassung vun de Renten un de qualifizéierte Mindestloun gefuerdert hat an och weider fuerdert an och duerchsetze wäert.

D'Fuerderung vum ADR, fir d'Hausfraen- oder d'Männernaarbecht zousätzlech ze honoréieren, ass mat der Aféierung vun der Mammerent deelweis realiséiert ginn. Just dass d'Regierung deenen Äermste vun deenen Aarmen dës Mammerent verweigert huet an och elo nach verweigert. Den ADR wäert awer duerfir suergen, dass och déi Ongerechtegkeet aus der Welt geschaf gëtt.

Duerfir géif et mech interesséieren, wou déi Proposition de loi drun ass, déi mer als ADR an deem Zesammenhang hei deponéiert hunn. Ech huelen un, dass den Här Minister wäert eng Kéier an deem ronnen Dossier niewent sengem Büro erëmwullen, da wäert e se erëmfannen.

Dann huet den Här Bettendorf hei gesot, déi Suen, déi gebraucht ginn, déi mussen do bleiwe wou se ugeluecht sinn. Do stellen ech mer awer e puer Froen. Wann och d'DP sech elo als Virreider duerstellt vun der Mammerent, dass déi net soll aus de Rentekeese bezuelt ginn, da froen ech mech awer: Wéi sou konnt dann d'DP elo während zéng Joer schonn toleréieren, dass aus de Pensiounskeesen all Joers ëm eng Milliard aler Frang erausgeholl gëtt fir Beschäftigungsmesuren ze bezuelen? Oder wou war d'DP wéi hei gestëmmt ginn ass, dass 130 Milliounen aus de Pensiounskeese geklaut gi si fir d'Krankekeesen ze sanéieren?

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG). - Här Jaerling, wou kënnt Dir nach eens ginn an där ongerechter Welt?

M. Aly Jaerling (ADR). - Jo, ech leide staark dorënner, gleeft mer et. An dat am Chrëschtmount!

(Hilarité)

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG). - Mir héieren, Här Jaerling!

M. Aly Jaerling (ADR). - Neen, ech wëll einfach just e bëssen op déi Hypokrisie hei hiweisen, déi mech an der Politik am meeschte stéiert. Awer wierklech!

(Interruptions diverses)

Also ech kann lech just soen, ech hunn eng Linn, dat kënnt Der kucken, déi huet sech déi lescht 20 Joer net geännert.

(Interruptions diverses et hilarité)

An déi wäert sech och net änneren, och am Sozialberäich net, Madame, do kënnt Der berouegt sinn, an an de Sozialfroe garantéiert net. Do kann ech lech garantéieren, dass ech a Sozialfroen an am Aarbechtsrecht keng Kompromësser maachen, dat kann ech lech hei versprechen.

Une voix. - Och net mat Ärer eegener Fraktioun?

M. Aly Jaerling (ADR). - Och net mat der eegener Fraktioun, och dat kann ech lech schrëftlech ginn!

Eng weider Fuerderung vum ADR, déi am Gesetz vum 22. am Ouschtermount 2004 realiséiert gouf, ass dat bessert Uleeë vun de Reserven aus de Pensiounskeesen. Dir gesitt, Madame President, den ADR huet seng Existenzberechtigung säit 15 Joer ënner Beweis gestallt, brauch dat net méi ze maachen a kann et awer och haut nach maachen. An och wa mer vu verschidde Säiten als Pissblumm tituléiert ginn, déi um Verwiele wier, respektiv dass d'CSV géif duerfir suergen, dass se verwielt.

Madame President, mech éiert et, mat enger Pissblumm verglach ze ginn. Pissblumm heescht op Latäin Taraxacum officinale, op Däitsch Löwenzahn. An dat passt bei eis.

Mme le Président. - Aha!

M. Aly Jaerling (ADR). - Wann et nämlech drop ukënnt fir eis Fuerderungen am Interesse vun de klenge Bierger duerchzesetzen, da gi mer wéi Léiwen a mir weisen och emol d'Zänn.

(Interruptions diverses et hilarité)

Och wann d'Pissblumm nëmme vum Ouschtermount bis de Broochmount bléit, sou ass et awer eng perennial Planz, kënnt se dach ëmmer erëm, gradsou wéi den ADR; och wann dem ADR dat totaalt Verbléie scho 15 Joer gewënscht gëtt. D'Pissblumm ass eng Planz mat wäertvollen Nährstoffen an huet souguer Substanzen, déi zur Preventioun géint de Rheuma déngen. Den ADR huet och eng preventiv Wierkung, huet en dach scho verschidde Regierungen dovun ofgehalen, de Sozialofbau op d'Spëtz ze driewen. An den ADR wäert och weider preventiv géint de Sozialofbau agéieren.

Zum Beispill, wann d'Sue fir d'Mammerent sollen aus der Pensiounskeess geklaut ginn, oder wann d'Beschäftigungsmesurë weiderhi sollen aus de Pensiounskeese bezuelt ginn. Oder wann erëm ee sech sollt trauen, nach eemol Suen aus de Pensiounskeesen ze kloue fir d'Krankekeesen ze sanéieren.

Une voix. - D'Pissblumm ass awer saisonal.

(Hilarité)

M. Aly Jaerling (ADR). - Jo, perennial, hunn ech gesot, wär d'Pissblumm. Loosst mech fäerdeg erklären. Ech sinn nach net fäerdeg.

Den ADR war, ass a bleift déi Pissblumm, dee Löwenzahn, deen hei am Land noutwendeg ass, fir deene bësseg entgéintzesprangen, déi mengen, just déi kleng schaffend a pensionéiert Leit wieren d'Mëllechkéi vun der Natioun, déi een ongestrooft kënnt strächen! A wann den Här Premier mengt, e misst nach eng Kéier eng Rente-mauer opbauen, da kënnt Der sécher sinn, da planze mir Pissblummen drop.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Dat gesot, Här President, kann ech mat Freed matdeelen, dass mir als ADR dëse Projet stëmmen, an der Iwwerzeegung dass duerch eis Presenz, an der Vergaangenheet awer och an der Zukunft, déi definitiv Rentegerechtegkeet keng Fiktioun wäert bleiwen.

Am Numm vun alle Pissblumme wënschen ech der CSV schéi Feierdeeg!

(Hilarité)

M. le Président. - Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet elo den Här Minister. Här Minister Di Bartolomeo!

M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat hei sinn déi Geleeënheete wou een sech als Minister driwwer freet, well et e Projet ass, deen am allgemenge Konsens hei diskutéiert ginn ass a wou - mengen ech - och d'Chamber sech eeneg ass, dass et eng gutt Moosnam ass. Duerfir wëll ech der Madame Rapportrice och en häerzleche Merci soe fir dee gudde Rapport, dee se gemaach huet, an all deene Riedner, déi sech dovun betraff fillen, merci fir déi objektiv Duerstellung vun deem heite Projet.

Déi, déi gemengt hunn, de Projet wär eng Geleeënheet fir eng Rei vu Stécheleien, déi fale bei mir op kee fruchtbare Buedem, well ech der Meenung sinn, dass et hei net eleng de Verdéngscht ass vun deem engen oder anere Minister, dee Rentemoosname proposéiert huet, mä de Verdéngscht ass vun der gesamter Chamber. Ech mengen, dass Rentemoosnamen hei an dëser Chamber ëmmer mat enger grousser Unanimitéit diskutéiert an decidéiert gi sinn, an insofern huet mäi Virgänger säi Verdéngscht grad ewéi him seng Virgänger och hire Verdéngscht hunn, an et ass och net mäi Virgänger, deen hei dat contestéiert huet.

Ech mengen et muss ee feststellen, dass de Rentenajustement weder e Cadeau fir déi pensionéiert oder d'Bénéficiairë vun Unfallrenten ass, nach en Automatismus. Dat ass ganz kloer vun de Kolleegen hei duergestallt ginn. Et si politesch Décisiounen noutwendeg, déi ausgeléist gi vun där Etüd, déi d'Regierung muss entaméieren, an déi consacréiert ginn duerch eng Décisioun vun dëser Chamber.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll hei wierklech nëmmen um Rand op dat agoe wat den Här Bettendorf gesot huet, andeem e mir virgeworf huet, ech hätt mäi Virgänger fir e Schlamassel an der Sozial- an an der Gesondheetspolitik verantwortlech gemaach. En huet mech selbstverständlech falsch zitéiert: Mam Schlamassel hunn ech just den Découvert an de Krankekeese gemengt, dee mer iwwer zwee Joer gesinn hunn op eis zoukommen a wou net déi decidéiert Haltung a Reaktioun komm ass, déi ee sech hätt kënnen erwaarden. Dat huet eis dozou gezwongen, dës Kéier innerhalb vun dräi Méint Solutiounen ze huelen, wou mer de Mëtteg nach eng Kéier an aller Rou wäerten drop zrëckkommen.

■ **M. Carlo Wagner (DP).**- Här Di Bartolomeo, ënnert de Sozialiste sinn d'Tauxen '98 an '99 an d'Luucht gaangen. Wéi ech fortgaange si ware se méi déif wéi wéi ech komm sinn.

■ **M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Wësst Der, Här Minister, ech maachen net datselwecht op dëser Tribün, Här Exminister, wat Är Partei während fënnef Joer gemaach huet. Während fënnef Joer hutt Dir an der Regierung Är Virgänger fir all Problemer responsabel gemaach. Ech hunn hei just e Constat...

■ **M. Carlo Wagner (DP).**- Dir maacht dat virun de Genossen op de Kongresser!

■ **M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Ech hunn hei just e Constat gemaach. Ech mengen och, Här Wagner, dass de Wieler déi Politik wou eng Partei, déi an der Regierung ass, eng aner Partei, déi net méi an der Regierung ass, fir eppes responsabel gemaach huet, wou se laang assuméiert huet, als déi falsch Approche ugesinn huet, soss wär Är Partei net esou vum Wieler sanktionéiert ginn, a mir hunn doraus geléiert. Dofir maache mir dat net, wat Dir während fënnef Joer gemaach hutt.

■ **M. Carlo Wagner (DP).**- Ech hat e ganz gutt Resultat.

■ **M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Neen, Är Partei net esou gutt. Ech erkenne ganz gär un, dass Dir e gutt Resultat gemaach hutt, mä duerfir gött d'Resultat vun Ärer Partei net besser!

(Coups de cloche de la Présidence)

■ **M. le Président.**- Bläert elo net!

Här Minister, fuert Dir weider mat Ären Ausféierungen.

■ **M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, Dir wësst jo, wann ech net provozéiert ginn, da sinn ech ganz fäin, mä wann ech provozéiert ginn, dann äntweren ech mat Freed an deemselwechten Toun.

Dat meescht ass zu dësem Projet gesot, duerfir wëll ech mech drop beschranke fir eng Rei vun zousätzlechen Informatiounen ze ginn. Et handelt sech bei dësem Ajustement ëm deen insgesamt 19. zënter der Loi unique vum 13. Mee 1964. Et ass deen 19. insgesamt, et ass deen drëtte wou net nëmmen d'Pensioun vum Privatsekteur ajustéiert ginn, mä sämtlech Pensiounen, déi vum private Sektour an och déi vum öffentleche Sektour.

Et ass kuerz erwähnt gi wat de Käschtepunkt vun dësem Projet wäert sinn. Fir de Régime général bedingt et 41 Milliounen Euro zousätzlech Ausgabe fir d'Sécurité sociale. Bei der Unfallversicherung bedeit et 1,9 Milliounen Euro zousätzlech Ausgabe fir d'Keesen an 1 Milliouen zousätzlech Ausgaben d'Joer fir de Stat. Bei de Régimes statutaires bedingt et zousätzlech Ausgabe vu 7 Milliounen Euro pro Joer.

Et ass virdru vum Här Bettendorf drop higewise ginn, deen op déi gutt Situatioun vun eise Keesen higewise huet, dass de Rentenajustement kee Problem fir de finanziellen Equiliber vun eise Keesen duerstellt. All Joer ginn déi Reserve weider opgefëllt. Am Joer 2003 war den Iwwerschoss bei 476 Milliounen Euro, am Joer 2004 wäert e bei 375 Milliounen Euro leien an am Joer 2005 wäert eis Reserv ëm ronn 540 Milliounen Euro steigen,

dat heescht d'Reserv wäert um Enn vun dësem Joer bei ronn 6 Milliarden Euro, also 240 Milliarden aler Lëtzebuerger Frang leien a si wäert um Enn 2005 bei ronn 6,6 Milliarden Euro leien, oder iwwer 260 Milliarden aler Frang. Dat mécht d'Ausgabe vun de Keese fir 3,2 Joer aus.

Dat ass eng gesond Situatioun, wann ee bedenkt dass an eisen Nopeschlänner - an dat ass elo mengen ech keng Schuedefreed -, jo, de Geste ass dee richtegen, vun der Hand an de Mond muss finanzéiert ginn, dat heescht keng Reserven do sinn. Dat soll ee feststellen an dann och zur Konklusioun iwwergoen, dass een déi Reserve gutt soll versueren. Dat ass ganz wichteg.

Zwou, dräi Informatiounen nach, wéi et elo weidergeet. Dir wësst, dass mer an de Pensiounsversicherungen a Périodes de couverture vu siwe Joer iwwerleeën. Deen nächsten Erfallsdatum läit bei 2006, sou dass mer 2005 wäerten d'Situatioun vun eise Keese bilanzéieren, an dann 2006 och Konklusioun wäerten aus där Situatioun zéien an och bilanzéieren, wéi d'Moossnamen aus dem Rentendësch sech op de finanziellen Equiliber an déi zukünfteg Entwécklung vun eise Keesen ausgewierkt hunn.

Ofschléissend wëll ech nach drop hiweisen, dass mer mat deene Reserve probéieren esou gutt ewéi méiglech ëmzegoen. Dir wësst, dass mer an där viregter Period decidéiert hunn, déi Fongen esou gutt ewéi méiglech ze placéieren. Do sinn elo déi reglementaresch Virbereedungen ofgeschloss. Mir hunn d'Virbereedunge fir de Fonds de compensation fäerdeg gestallt, déi Comitéen, och déi zoustänneg Instanze fir d'Konstitioun vun engem Organisme de placement collectif, déi si virum Ofschloss, an da wäerte mer en Deel vun deene Reserven ab Ufank vum nächste Joer placéieren, fir dass se sou vill wéi méiglech u Resultater bréngen an dass déi Reserve weider wäerte klammen.

Zu der Fro vum Här Paul-Henri Meyers, wéini dass dann déi ajustéiert Renten ausbezuelt ginn. Renten an Ajustement wäerten den 22. Dezember op de Konte leien. Ech hu mer dat nach eng Kéier bestätege gelooss, well den Här Meyers gentil genuch war, fir mer ze soen, dass déi dote Fro géif kommen. Dat ass esou, d'Keesen hu mer bestätegt, dass se missten den 22., spéitstens den 23. op de Konte leien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll lech zum Ofschloss e ganz grouesse Merci soe fir de Verlaf vun dësen Diskussiounen; wat och beweist, dass dat hei-

Sommaire des séances publiques	
Communications	page 115
5353 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2005	pages 115-127
- Discussion générale (suite)	pages 128-134
Dépôt d'une proposition de loi	page 128
5410 - Proposition de révision de l'article 51, paragraphe (7) de la Constitution	page 128
- Déclaration de recevabilité	page 128
Question urgente N° 205 de Mme Lydie Err relative au projet de Convention du Conseil de l'Europe sur la lutte contre la traite des êtres humains	page 128
Résolution de M. François Bausch relative à l'institution d'une convention sur l'avenir du Luxembourg	
Résolution de M. Michel Wolter relative à l'institution d'une Commission spéciale chargée de mener un débat sur la structure administrative du pays	pages 134-137
Motion de M. Aly Jaerling relative au carnet électoral	pages 137-138
Ordre du jour	page 138
Communications	page 138
Composition des commissions parlementaires	page 138
Ordre du jour	pages 138-140
Heure d'actualité demandée par le groupe DP relative aux problèmes rencontrés par les communes lors de l'application de la loi concernant l'aménagement communal et le développement urbain	pages 140-142
5327 - Projet de loi 1. établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre; 2. créant un fonds de financement des mécanismes de Kyoto; 3. modifiant l'article 13bis de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés	pages 142-150
	pages 150-154
Ordre du jour	page 150
5406 - Projet de loi portant approbation du Traité entre le Royaume de Belgique, le Royaume des Pays-Bas et le Grand-Duché de Luxembourg en matière d'intervention policière transfrontalière, signé à Luxembourg, le 8 juin 2004	pages 154-159
5391 - Projet de loi modifiant et complétant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée	page 159
5399 - Projet de loi modifiant l'article 14 de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum	pages 159-165
5401 - Projet de loi portant ajustement des pensions et rentes accident au niveau de vie de 2003	pages 165-168

ten eng gutt Moossham ass, déi deenen et erlaabt, déi bedeelegt waren um Opbau vun eisem Wuelstand, och un der Weiterentwicklung vun eisem Wuelstand ze participéieren.

An deem Sënn soen ech lech Merci, dass Der mer nogelauschtert hutt.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Minister. Mir sinn domadder um Enn vun der Sitzung vun haut de Moien ukomm. Mir fueren haut de Mëtten um dräi Auer weider.

Ech wollt vun der Geleeënheet profitéieren, Dir Dammen an Dir Hä-

ren, well ech haut de Mëtten net kann hei si weinst der Visite vum amerikanischen President vum Repräsentantenhaus, dem Här Hastert, a well dat hei déi lescht Sitzung ass vun dësem Joer, fir lech alleguerte schéi Feierdeeg ze wënschen an e gudde Rutsch an d'neit Joer. Och der Regierung ganz besënnlech Feierdeeg. An da gesi mer eis d'nächst Joer gemeinsam hei erëm. Ech wënschen lech alleguerten eng agréabel Mëtteppaus.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 12.34 heures)



Chambre
des Députés
L U X E M B O U R G

Chamber TV
weist all öffentlech Sëtzung
live an integral
mat enger Rediffusioun
all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un